multiplicity

VILLE DE LUXEMBOURG
www.vdl.lu

# SEXUELL BELÄSTEGUNG OP DER AARBECHT

**Bass du en Affer?**
**Bass du en Zeien?**
**Mengs du eppes Falsches ze maachen?**

**Informéier dech. Mell dech. Fro ëm Rot.**


Hien ass him un den Hënner gaangen!
WIEN, SÄI FRËND ODER SÄIN AARBECHTS-KOLLEEG?
Sexuell Belästegung op der Aarbecht ass strofbar.
Et gi Grenzen.
Bass du Zeien dovun? Da mell dat.
intranet.vdl.lu
multiplicity
VILLE DE LUXEMBOURG
www.vdl.lu

# SEXUELL BELÄSTEGUNG OP DER AARBECHT ASS STROFBAR

Als Employeur ass d'Stad Lëtzebuerg dofir verantwortlech, dass d'Mataarbechter·innen an engem gesonden Aarbechtsëmfeld kënne schaffen a respektvoll behandelt ginn, sief et vun den Aarbechtskolleeg·inn·en, vun de Responsabel, vu Fournisseuren oder vu Clienten.

**Sexuell Belästegung op der Aarbechtsplaz ass per Gesetz verbueden an Täter·inne maachen sech strofbar.**

Si fänkt do u wou perséinlech Grenzen iwwerschratt ginn. Dobäi geet et net dréms ob d'sexuell Belästegung beabsichtegt gouf oder net. Wat zielt ass den Impakt op déi belästegt Persoun. **Et gëllt also d'Grenz vum Eenzelen ze respektéieren.**

**D'Stad Lëtzebuerg toleréiert keng sexuell Belästegung. Si schützt hir Mataarbechter·innen an ergräift déi néideg Moossname fir all sexuell Belästegung z'ënnerbannen.**

# WAT ASS SEXUELL BELÄSTEGUNG?

Sexuell Belästegung steet an direktem Zesummenhang mat Sexismus a beschreift **sexualiséiert Bemierkungen an Handlungen, sou wéi sexualiséiert Gestik a Mimik**, déi fir d'Affer belästegend, opdrénglech an erniddregend kënne sinn.

Et gëtt verschidde Forme vu sexueller Belästegung:

- **physesch** (upaken, sech opdrängen, een zwénge méi no ze kommen, asw.),
- **verbal** (onerwënscht Witzer, Uspillungen, Kommentaren asw.) oder
- **non-verbal** (opdränglech Blécker, Nopäifen, Videoen, Biller, Gesten, asw.).

Sexuell Belästegung ka **grouss Konsequenzen op d'Liewensqualitéit an d'Gesondheet vum Affer** hunn: vun Angscht a Panik bis zu enger komplexer posttraumatescher Belaaschtungsstéierung. D'Affer kënne laangfristege psychesche Schued erleiden a si mussen hir Erliefnisser an Therapie behandelen.

**Affer vu sexueller Belästegung** si gréisstendeels Fraen, awer och Männer, Trans an intergeschlechtlech Persounen. Si geschitt bei Leit vun all Alter, onofhängeg vum Beruff oder der Positioun.

# HUES DU DAT ERLIEFT?

**Betraffener sinn dacks ageschüchtert an desorientéiert.** Si wëssen net u wien se sech wenne kënne a fillen sech hëlleflos an ohnmächteg.

Dobäi kënnt, dass d'Ëmfeld heiansdo d'Tendenz huet d'Verhalen erofzespillen an dem Affer d'Schold zouzeweisen, well et kee „Witz" versteet, ze „sensibel" ass oder d'Situatioun „provozéiert" hätt.

Mataarbechter•innen hunn ëmmer d'Recht sech géint sexuell Belästegung ze wieren. Verantwortlech ass ëmmer d'Persoun déi harceléiert an nimools d'Affer!

**All Virfall vu sexueller Belästegung ass een ze vill an huet Konsequenzen.**

**Maach de Schrëtt fir deplacéiert Verhalen ze mellen an Hëllef ze froen.**

## Wat kanns du maachen?

- **Trau dengem Bauchgefill:** Wann sech eng Situatioun net richteg ufillt, an s du dech schlecht fills oder dech schumms, dann ass dat dacks e Signal dass eng Grenz iwwerschratt gouf. Huel däi Gefill Eescht.
- **Stopp den Täter:** Beim éischten negative Bauchgefill kanns du dem Täter ze verstoe ginn, dass eng ganz sensibel Grenz iwwerschratt gouf, dass hien/si amgaangen ass sech strofbar ze maachen, an, dass du eppes dogéint wäerts ënnerhuelen. D'Persoun déi harceléiert kritt d'Geleeënheet sech z'entschëllegen an hiert Verhalen an Zukunft ze änneren.
- **Dokumentéier:** D'Affer vu sexueller Belästegung muss e Beweis virbréngen, z.B. schrëftlech Preuven oder Zeienaussoen (z.B. Screenshot, E-Mail, Chat). Schreif am Detail op wat wéini geschitt ass, zemools en vue vun der offizieller Prozedur (cf. Säiten 6-7).

**Wann s du d'Konfliktsituatioun selwer konnts kläre kann et trotzdeem sënnvoll sinn de Virgesetzten iwwer de Virfall z'informéieren, fir de Fall, dass et nach emol virkënnt oder et nach aner Affer ginn déi sech net esou gutt kënne wieren.**




# ZIVILCOURAGE WEISEN

Mir all droe sozial Verantwortung. Och wann s du selwer keen Affer ass, sou dréit sexuell Belästegung am Ëmfeld zu engem toxeschen Aarbechtsklima bäi.

**Weis Zivilcourage an hëllef dem Affer wann s du Zeie vu sexueller Belästegung gëss!**

## Wat kanns du maachen?

E **Bléck** oder d'Fro **„Kann ech eppes fir Iech maachen?"** vun engem Aussenstehenden ginn heiansdo schonn duer fir dass d'Verhalen ophält. Dëst gëtt dem Affer d'Geleeënheet d'Situatioun ze verloossen an ëm Hëllef ze froen.

**Den Täter soll mierken, dass säi Verhale beobacht gëtt an d'Affer net eleng ass.** Bei der Kontaktopnam ass et gutt Distanz ze halen an net ze provozéieren. Wann ee riskéiert sech selwer a Gefor ze brénge soll ee léiwer Hëllef ruffen.

## Wéi reagéiere wann een Affer sech dir uvertraut?

- **Sieft present, lauschter no an huel d'Gefiller vum Affer eescht** (NET „Sou schlëmm ass dat jo awer net", „Du weess jo wéi se si wann se flirten" asw.).
- **Evitéier deng eege Meenung ze soen, ze kommentéieren a Virwërf ze maachen** (NET „Firwat sees de elo réischt eppes?", „Firwat hues de dech esou ugedoen?", „Firwat waars de sou spéit nach eleng ënnerwee?" asw.).
- **Bitt dech als Zeien un, wann néideg.**
- **Motivéier d'Affer fir Hëllef ze sichen**, a proposéier d'Persoun bei der Kontaktopnam ze begleeden.

# FAARF BEKENNEN

**Sexuell Belästegung ass strofbar a gëtt net toleréiert.**

Den Ugrëff op d'Würd vun de Mataarbechter•inne vun der Stad huet Konsequenzen, fir déi Täter d'Verantwortung mussen huelen.


## Et war dach nëmmen e Witz!

Witzer maachen oder flirte geschitt a béidsäitegem Averständnis an op Aenhéicht, den Ëmgangstoun ass positiv a béid Persounen hu Freed um Gespréich.

Sexuell Belästegung ass onerwënscht, ofwäertend, eesäiteg an iwwerschreit d'Grenz vun der Persoun déi belästegt gëtt, zemools wann si signaliséiert, dass d'Verhalen demütegend ass an et net appreciéiert gëtt. Beim Täter geet et drëms Muecht ze demonstréieren an eege Wënsch ze imposéieren.

## Wéi verhalen ech mech richteg?

- Wann s du mierks dass däi Géigeniwwer deng Kommentaren net appreciéiert, dann **hal op domat**.
- Wann s du Saache gesot oder gemaach hues déi léif gemengt waren, mee net gutt ukomm sinn, dann **iwwerhuel Verantwortung an entschëlleg dech op eng éierlech Aart a Weis**.
- **Iwwerlee** wéi eng Wierkung deng Kommentaren an däi Verhalen op aner Leit kann hunn a **léier dech op eng respektvoll Aart a Weis auszedrécken**.


Hien huet him nees Reklamme fir Ënnerwäsch geschéckt.
WIEN, SÄI PARTNER ODER SÄIN AARBECHTS-KOLLEEG?
multiplicity
VILLE DE LUXEMBOURG
www.vdl.lu
Sexuell Belästegung op der Aarbecht ass strofbar.
Et gi Grenzen.
Bass du Zeien dovun? Da mell dat.
intranet.vdl.lu




# DÉI OFFIZIELL PROZEDUR AM FALL VU SEXUELLER BELÄSTEGUNG

D'Affer vu sexueller Belästegung kann déi offiziell Prozedur vun der Stad Lëtzebuerg ustousse wann seng perséinlech Grenzen net respektéiert ginn.

## Kontakt

D'Affer vun der Dot (oder den Zeien) hëlt Kontakt op mat enger vun de Vertrauenspersounen: de **Chef de service oder säin Adjoint**, de **Correspondant en affaires du personnel** vum Service oder e **Personaldelegéierten**.

Dës Persoun lauschtert no, beréit a versicht d'Situatioun ze reegelen, wann dat an hirem Kompetenzberäich läit. Anerefalls orientéiert si d'Affer weider un d'**Chargée à l'égalité des chances**. D'Affer kann sech och direkt bei hir mellen.

## Expert

Jee no Situatioun huet d'Chargée à l'égalité des chances 3 Handlungsméiglechkeeten:

1. Si kann **dem Affer mat Rotschléi hëllefen** d'Situatioun selwer ze léisen.
2. Si kann eng **Interventioun** am Service proposéieren, wou d'Responsabel vum Service mat implizéiert ginn, fir dofir ze suergen dass d'Belästegung ophält. Hei kann si d'Affer och op Wonsch begleeden. Bei schlëmmere Fäll kann d'Personaldirektioun och direkt erugezu ginn.
3. Jee no Situatioun, oder wann dës zwee Schrëtt net zum gewënschte Resultat féieren, gëtt d'**Commission Harcèlement** saiséiert. D'Kommissioun setzt sech aus Juristen aus dem Generalsekretariat, der Direction Ressources humaines a Vertrieder vun de Personaldelegatiounen zesummen. Si befaasst sech mam Dossier, héiert déi zwou Parteien a mécht e **Rapport un de Schäfferot**. De Schäfferot hëlt op Basis vun dësem Rapport eng **Decisioun** iwwer eventuell disziplinaresch oder Protektiounsmoossnamen. D'Affer an den Täter gi schrëftlech iwwer d'Decisioun vum Schäfferot informéiert.

Am Fall vun der **Interventioun** oder der Saisie vun der **Commission Harcèlement**, muss d'Affer de Virfall schrëftlech mellen. (Zäitpunkt, Plaz, Täter, Beweiser, Temoignagë vun Zeien, asw.), sief et per E-Mail oder per Bréif.

Wann néideg, gëtt d'Affer bei d'**chargée de mission „support psychologique"** weidergeleet fir festzestelle wéi grouss de psychologesche Schued ass an ob eventuell e posttraumatesche Stress virläit. E Rapport geet un d'Chargée à l'égalité, d'DRH oder un d'Sekretariat vun der Commission Harcèlement.

No der leschter Entrevue mam Expert muss d'Affer innerhalb vun 10 Deeg schrëftlech matdeelen, wéi ee vun dësen 3 Weeër soll ageschloe ginn. Wann d'Äntwert ausbleift, dann decidéiert d'DRH wéi et weidergeet.

Et ass dem Affer ëmmer fräi gestallt, sech iwwert deen am Statut respektiv am Aarbechtsrecht virgesinne Wee fir seng Rechter anzesetzen an aner Instanzen ze kontaktéieren.




## LEGAL BASIS

**D'Gesetz verbitt grondsätzlech all sexuell Belästegung op der Aarbecht a schützt all d'Mataarbechter·innen, Stagiairen, Léierbouwen a -Meedercher, Schüler a Studenten.**

Legal ass sexuell Belästegung verbueden duerch:

- d'EU-Richtlinn 2006/54 EG;
- d'national Konventioun vum 25. Juni 2009 iwwert den Harcèlement an d'Gewalt op der Aarbecht;
- de Statut vum Gemengefonctionnaire (Art. 12.3 an 36.4);
- de Code du travail (L.245-1 – L.245-8 : Chapitre V ; L.162-12 : Section 8. ; L.241-1, alinéa 3);
- de „Kollektivvertrag für die Beschäftigten der Stadt Luxemburg" vum 21.02.2023 (Art. 66);
- den „Accord de la Ville de Luxembourg concernant la prise en charge du harcèlement" vum 11. August 2010.

# VERTRAU DECH EIS UN

multiplicity

VILLE DE LUXEMBOURG
www.vdl.lu

**Chargée à l'égalité des chances**

9, bd FD Roosevelt  L-2450 Luxembourg
egalite@vdl.lu
T. 4796-4135

**Direction Ressources humaines**

9, bd FD Roosevelt  L-2450 Luxembourg
drh@vdl.lu
T. 4796-4247/ 4248/ 4144/ 4252

**Correspondants en affaires du personnel**

https://intranet.vdl.lu/reader/correspondant-en-affaires-du-personnel

**Délégation des fonctionnaires et employés communaux**

19, rue de la Chapelle  L-1325 Luxembourg
deleg-fonc@vdl.lu
T. 4796-3023

**Délégation des salariés**

19, rue de la Chapelle  L-1325 Luxembourg
deleg-ouv@vdl.lu
T. 4796-2700/-2723

**Bass du Affer oder Zeie vu sexueller Belästegung? Da mell dech bei eis.**

**intranet.vdl.lu**


Hie leet ëmmer seng Hand op meng!
WIEN, DÄI BOUF ODER DÄI CHEF?
Sexuell Belästegung op der Aarbecht ass strofbar.
Et gi Grenzen.
Bass du en Affer dovun? Da fro ëm Hëllef.
intranet.vdl.lu
multiplicity
VILLE DE LUXEMBOURG
www.vdl.lu